LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Santé

**Gemeinsam Äntwert vun der Madamm Gesondheetsministesch, vum Här Minister fir Aarbecht a Beschäftegung a fir Sozial- a Solidarwirtschaft an dem Här Minister fir sozial Sécherheet op d'parlamentaresch Fro n° 7614 vum 16. Februar 2023 vum honorabelen Deputéierten Här Jeff Engelen**

Dem Gesondheetsministère ass deen vum honorabelen Députéierten beschriwwenen Kontext net bekannt. D'Dispositiounen vum FHL Kollektivvertrag sinn vun der FHL konfirméiert. Et besteet an dëser Hisiicht keen Verfall vun geleeschten Iwwerstonnen.

D'Kompensatioun vun den Iwwerstonnen am Gesondheetssecteur fir Spidolpersonal gëtt vum Kollektivvertrag « *Convention collective de travail des salariés occupés dans les établissements hospitaliers et dans les établissements membres de la Fédération des Hôpitaux Luxembourgeois (CCT FHL 2022-2024)* »[1] geregelt. De Kollektivvertrag ass fir dräi Joer gülteg, vum 1. Januar 2022 bis den 31. Dezember 2024.

All Iwwerstonn kritt eng Majoratioun vun 50% . D' Iwwerstonnen ginn entweder erageholl a Form vun Congé oder kënnen awer och an engem compte épargne-temps afléissen. Et besteet dësweideren och d' Méiglechkeet, fir d' Salariéeën déi ënner CDI sinn, dës Stonnen an een speziellen Kont fir d' Iwwerstonnen ze déposéieren. Et kënnen op sou engem Kont bis zu 900 Stonnen gesammelt ginn , an dat zäitlech illimitéiert. Am Fall wou den Salarié dës Iwwerstonnen notzen wëll, muss eng Demande un den Employeur gemaach ginn. All reschtlech Iwwerstonn gëtt all Joers op den 31. Oktober un den Salarié ausbezuelt. Dëst geschitt awer och nëmmen wann d' Unzuel vun den Iwwerstonnen iwwer 38 Stonnen klëmmt an den Salarié déi net an säin Kont verséiert huet.

Lëtzebuerg, den 17. Mäerz 2023

D'Gesondheetsministesch,

(s.) Paulette Lenert

[1] https://data.legilux.public.lu/filestore/eli/etat/leg/rgd/2022/10/25/a617/jo/fr/pdfa/eli-etat-leg-rgd-2022-10-25-a617-jo-fr-pdfa.pdf